




**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 7217 vun den éierewäerten Deputéierten André BAULER et Gusty GRAAS**

**Ass et dem Här Landwirtschaftsminister méiglech fir zu dësem Zäitpunkt en detailléierten Iwwerbléck iwwer d'Grompereproduktion vum Joer 2022 jee no Zort ze liwweren? Wéi huet si sech am Verglach zu de vergaangene Joren entwéckelt?**

Bei der Grompereproduktioun muss zu Lëtzebuerg tëschent 2 Produktiounsrichtungen ënnerscheet ginn: de Setzgromperen an den lessgromperen. D'Entwécklung vun deenen 2 Produktiounen iwwert déi lescht 5 Joer ass an der Grafik festgehalten.



D'Ubaufäche vun lessgrompere sinn tendenziell steigend. Hei si just Inlandsflächen duergestallt. Bei de Setzgrompere geet d'Ubaufäch zeréck. Hei ass och ze vermierken, datt bei de Setzgromperen am Duerchschnëtt 20 % Auslandsflächen an der Grafik mat ofgebillt sinn. Des Fläche ginn awer vu lëtzebuerger Betriber bewirtschaft. Bei de Setzgrompere ginn am Duerchschnëtt vun de leschte 5 Joer 80 % vun der Produktioun an d'Ausland exportéiert.

En detailléierten Iwwerbléck vun der Produktioun no Zort ass just am Beräich vun de Setzgrompere méiglech, well des Flächen alleguerde bei der Administration des services techniques de l'agriculture ugemellt mussen ginn. An der Tabell sinn d'Zorten, déi 2022 als Setzgromperen ugemellt gi si mat de jeeweilegen Ubaufäche resuméiert. Do och erëm mat Auslandsflächen, déi vu lëtzebuerger Betriber bewirtschaft ginn.

Sorte	(ha)
Adora	0.67
Agata	3.61
Agria	36.79
Amora	22.11
Anosta	12.15
Bintje	5.53
Birte	2.43
Cara	15.58
Charlotte	4.66
Corine	2.18

Sorte	(ha)
Desiree	28.91
Diamant	0.05
Draga	4.01
Hansa	3.19
Hermes	26.07
Jurata	6.40
Kennebec	45.69
Lady Rosetta	34.99
Linda	7.53
Linzer Delikatess	0.91

Sorte	(ha)
Loreley	3.08
Luminella	0.80
Marfona	5.50
Monalisa	13.54
Nicola	9.27
Premiere	12.13
Spunta	40.43
Ukama	4.63
Victoria	2.90

**Wéi héich schätzt den Här Minister eise Versuergungsgrad un lessgromperen hei zu Lëtzebuerg an? Riskéiert deen net eventuell duerch déi wuessend Bevëlkerung zrëckzagoen? Wa jo, missten net Ustregunge gemaach ginn, fir d'Eegeversuergung op engem eenegermoossen héijen Niveau ze halen?**

Wann een d'Zuele vun der lëtzebuenger lessgrompereproduktioun an d'Importer an d'Exporter vun net verschaffte Grompere kuckt, da kann ee vun engem Eegeversuergungsgrad vun ongeféier 40 % an der Moyenne vun de leschte 5 Joer ausgoen. Wann een di verschaffte Forme vun lessgrompere géing dobäihuelen, da wier dee Prozentsaz awer warscheinlech ee Stéck méi niddreg.

**Mat wat fir enge finanziellen Hëllef kann een de Gromperebauere méi geziilt entgéintkommen, fir hir Produktioun ënner anerem besser op dréche Summere virzebereeden?**

D'Gomperebauere kënnen hir Produktioun géint Ertragsausfäll duerch d'Dréchent verséchere fir finanziell Aboussen zum Deel auszegläichen.

Och wann déi Versécherung d'Produktioun vu Gromperen net ofséichert, sou hëlleft se dem Produzent dach weider bei ongëschtege Wiederphenomener. De Landwirtschaftsministère iwwerhëllt 65 % vun der Versécherungsprimm, an am Joer 2022 ware ronn 200 ha vun enger Versécherungspolice couvriert.

**Firwat gëtt d'Gromper net als Geméis unerkannt? Wëll den Här Minister dat eventuell änneren?**

Am europäesche Kader gëtt d'Gromper net als Geméis unerkannt, dowéinst ass et national net méiglech, datt d'Grompereproduzente vun de selwechte Flächeprimme profitéiere kënnen ewéi d'Geméisproduzenten.

**Ass den Här Minister de Moment am Gespréich mat Grompereproduzente fir hir spezifesch Suergen z'ernaassen an esou op dës reagieren ze kënnen?**

Jo, ganz rezent woren 2 Entrevuen mat Synplants fir sech iwwert hier spezifesch Suergen auszetauschen. Eng weider Réunion mat allen Secteuren, dorënner och Synplants, wäert den 9. Januar 2023 stattfannen.

Lëtzebuerg, den 19. Dezember 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung

(s.) Claude Haagen